



### 3. modification de la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance

#### Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 4. Juli huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi N°6586, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Égalité de traitement am Beräich zum Zougang vu Gidder a Servicer, déi vum Här Fernand Kartheiser an der Sitzung vum 2. Juli 2013 deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Präsidentekonferenz un?

#### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

### 3. Proposition de loi n°6587 portant modification de l'article 17 (3) de la loi du 21 mars 2012 relative aux déchets

#### Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 4. Juli huet d'Präsidentekonferenz sech och fir d'Recevabilitéit vun enger anerer Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech hei ëm d'Proposition de loi N°6587, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Offall, déi vum Här Michel Wolter an der Sitzung vum 3. Juli 2013 deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Präsidentekonferenz un?

#### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

### 4. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 4. Juli huet d'Präsidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer fir d'Éischt de Projet de loi 6124 iwwert den Aménagement du Territoire nom Modell 1; duerno de Projet de loi 6569 iwwert d'multimodal Plattform zu Beetebuerg/Diddeleng nom Modell 1; de Projet de loi 6426, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den öffentliche Transport nom Basismodell; d'Motioun vum Här François Bausch iwwert d'Nuetsflich; de Projet de loi 6376 iwwert d'Reform vun der Commission des normes comptables nom Basismodell; an de Projet de loi 6585 iwwert d'Studiebaihëlfelefen nom Modell 1.

Muer de Moien um néng Auer hu mer fir d'Éischt de Projet de loi 6471 iwwert d'Gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs nom Modell 1; duerno de Projet de loi 6398 iwwert den Assurancésecteur nom Basismodell; d'Question élargie N°34 vum Här Jacques-Yves Henckes iwwert den Austausch vu fiskalen Informatiounen tëscht Lëtzebuerg an de Vereenegte Staaten; de Projet de loi 6487 iwwert d'Schafung vun der Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel, och nom Basismodell; de Projet de loi 6181 iwwert d'Violence domestique nom Modell 1; de Projet de loi 6547, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Austausch vu Quote bei Gasen, déi zum Dreifhauseffekt bäidroen nom Basismodell.

Muer de Mëtteg um zwou Auer hu mer de Rapport 6565 vun der Enquêtekommissioun iwwert de Geheimdéngscht. Hei ass d'Riedezäit: eng Stonn fir de Rapporteur, zwou Stonne fir de Statsminister Jean-Claude Juncker, eng Stonn fir déi jeeweileg Fraktiounen, 20 Minutte fir d'Sensibilités politiques, a schlussendlech nach eng Kéier 30 Minutte fir d'Regierung.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

#### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Als éischte Punkt vun dem Ordre du jour vun de Mëtteg hu mer de Projet de loi 6124 iwwert den Aménagement du Territoire. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Mutsch, den Här Gira an den Här Gibéryen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

### 5. 6124 - Projet de loi concernant l'aménagement du territoire et modifiant:

#### 1. la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes;

#### 2. la loi modifiée du 15 mars 1979 sur l'expropriation pour cause d'utilité publique;

#### 3. la loi du 10 août 1993 relative aux parcs naturels;

#### 4. la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain

#### Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut iwwer en neit Landesplanungsgesetz of. Dat ass ee wichtege Projet, well eist Land brauch modern Infrastrukturen, a grad elo. Duerfir brauche mir: e kohärente Programm, eng geregelt Prozedur, en Dialog mam Bierger, eng Politik vun de kuerze Weeër an e gutt Zesummespill tëscht Stat a Gemengen.

Dat alles ënner een Hutt ze kréien, ass net einfach. Mat dem Gesetzesprojet 6124 hu mir dat versicht. Ob et eis gelongen ass, muss d'Zukunft weisen.

De Wee, fir haut en neit Landesplanungsgesetz zur Ofstëmmung ze bréngen, war laang. De Text gouf virun iwwer dräi Joer, am Mäerz 2010, vun der Regierung virgeluecht. Et war ursprénglech eng Upassung vun dem Landesplanungsgesetz aus dem Joer 1999 virgesinn. De Statsrot huet net manner wéi véier Avisen am Laf vun der Diskussioun erstallt. D'Nohaltegkeetskommissioun an der Chamber hat am Ganze 24 Sitzungen iwwert dëse Gesetzesprojet. Erauskomm ass schliesslech en neien Text, wou ech elo op déi Haaptpunkten aginn.

Éischte Punkt: Wat ass dat gesetzlecht Zil vun der Landesplanung? Mä d'Landesplanung huet als generell Zil, d'Land ze organiséieren, d'Eegeschafte vun deenen eenzelne Regiounen ze respektéieren a se nohalte ze gestalten. D'Liewensqualitéit vun de Bierger soll dobäi beschtméiglech garantéiert ginn. Déi allgemeng Aufgab vun der Landesplanung ass duerfir d'Entwécklung vun eiser Ekonomie, mä gläichzäiteg en nohaltegen Émgang mat der Natur. Städtesch a ländlech Strukture mussen hir Eegeschafte behalen.

De Gesetzesprojet gesäit ausdrécklech de Schutz géint Naturkatastrophen an Ëmweltschied vir. Dat heescht konkret, dass, wann zum Beispill national Infrastrukture geplangt ginn, och verstärkt den eventuellen Afloss op Kaméidibelaschtung muss gepréift ginn. Landesplanung a Kommunalplanung mussen anenanageräifen.

D'Gemengenautonomie spillt, mä si huet och hir Limiten. Si schreift sech an d'Zilsetzungen vun der Landesplanung an. Dat zielt iwwerengs och fir déi sektoriell Politiken an eenzelne Beräicher: dem Wunnengsbau, dem Transport, den Industrie- an Aktivitéitszonen. Hei kann net jiddweree seng eegen Zopp kachen. Duerfir gesäit de Gesetzesprojet eng verstärkte Roll fir de Landesplanungsminister bei all gréisserem Projet vir.

De Landesplanungsminister huet d'Aufgab, fir ze koordinéieren. Hie kann an Zukunft froen, bei gréisserer Projete vun Ufank u mat bedeelegt ze ginn. Dat zielt fir gréisser Bauprojeten, mä och fir d'Entwécklung vun enger Regioun, jo och vun engem Naturpark.

Zweete Punkt: Wat sinn dann elo d'Mëttele vun der Landesplanung? De Projet de loi gesäit véier grouss Moossnamen vir, fir d'Landesplanung um Terrain ëmzesetzen. Et sinn dat: de Programme directeur, d'Plans sectoriels, de Plan d'occupation au sol - de sougenannte POS -, an d'Konventionen tëscht Stat a Gemengen. Net méi virgesinn ass de Plan directeur régional. Dat Planungsinstrument war wuel am Gesetz vun 1999 virgesinn, mä et ass bis haut ni benotzt ginn.

Zum Plan directeur. Dat ass dat iewescht Planungsinstrument. D'Regierung leet doran déi grouss Orientatiounen vun enger nohalteger Landesplanung fest mat engem gesonden Équilibrium tëscht Mënsch, Natur an Economie. D'Regierung schafft ee Projet vu Programme directeur aus. D'Gemenge kënnen bannent dräi Méint hiren Avis dozou ginn, grad wéi de Conseil Supérieur de l'Aménagement du Territoire.

An da gëtt de Programme directeur der Chamber virgestallt. Duerno hält d'Regierung un enger definitiver Fassung fest. Dës gëtt dann am Mémorial publizéiert. Ab deem Moment mus-

sen d'Gemenge mat hire PAGen den Orientéierung vun dem Programme directeur an Aklang bréngen (veuillez lire: hir PAGe mat den Orientéierung vun dem Programme directeur an Aklang bréngen). De leschte Plan directeur staamt aus dem Joer 2003. Den nächste Plan directeur ass virgesi fir 2017.

Zweet Moossnam: d'Plans sectoriels. Fir op d'Orientéierung vun de Plans directeurs an deenen eenzelne Politikberäicher ëmzesetzen, gëtt et déi sougenannte Plans sectoriels. Dat gëllt besonnesch fir de Wunnengsbau, den Transport, d'Aktivitéitszonen an déi grouss Gréngflächen. Well d'Avant-projete vun deene sektorielle Leitpläng an den Tiräng vun de Ministère leien, leet de Gesetzesprojet d'Prozedur fest, wéi dës sollen ab dem Hierscht, wann dann alles riichtleeft, ëmgesat ginn.

Wéi gesäit dës Prozedur dann elo vir (veuillez lire: aus)? De Regierungsrot hält eng formell Décisioun, fir de Projet vum Plan sectoriel an d'Prozedur ze schécken. Dës Décisioun gëtt an der Zeitung publizéiert. D'Projets de plans sectoriels ginn dann op déi betrafte Gemengen. D'Leit ginn iwwert den Dépôt informéiert. Si kënnen da während 30 Deeg Asiicht huelen.

Bannent deenen 30 Deeg muss de Schäfferot eng Informatiounsversammlung ofhalen. Dës Informatiounsversammlung fënnt statt a Presenz vun dem Minister oder engem vu sengen Delegéierten. Mä e puer Gemengen, déi kënnen sech och zesummesetzen, fir dann eng Informatiounsversammlung gemeinsam an hirer Regioun ofzehalen. Während 45 Deeg no dem Dépôt vun dem Plan sectoriel op der Gemeng kënnen d'Leit da schrëftlech Awänn bei dem Schäfferot maachen.

D'Gemeng schéckt all déi Awänn un den Innenminister. An doropshin hält d'Regierung op Virschlag vum Landesplanungsminister un enger definitiver Fassung fest. Dës gëtt der Chamber presentéiert an dann ënnert der Form vun engem Règlement grand-ducal arréiert.

Mat der Publikatioun vun dem Plan sectoriel gëtt dësen obligatoresch an zur Utilité publique erkläert.

Drëtt Moossnam: de Plan d'occupation du sol. Ee Plan d'occupation du sol gesäit eng spezifesch Notzung vun enger geographesch limitierter Zon fir e bestëmmten Zweck vir. Zum Beispill gëtt et e POS fir de Flughafen - de Fin del - a fir d'Europaschoul tëscht Mamer a Bartreng. E POS ass ee Planungsinstrument, wat dem Programme directeur an de Plans sectoriels ënnergeuerdent ass. D'Prozedur fir d'Unhuele vun engem Plan d'occupation du sol ass ähnlech wéi déi, déi ech virdrun am Kontext vun de Plan sectoriel beschriwwen hunn: Informatiounsversammlung, Dossiersasiicht, a Méiglechkeet fir d'Bierger, hir schrëftlech Awänn geltend ze maachen.

Mä Ausnahm: Well de POS - e Plan d'occupation du sol - ee konkrete Projet op enger geographescher limitierter Zon viséiert, gëtt d'Consultationsprozedur mat de Bierger natierlech nëmmen an där oder deene betrafte Gemengen duerchgefuert.

D'Plans sectoriels an de POS kënnen och ofgeännert ginn. D'Prozedur ass déiselwech wéi bei der éischer Adoptioun. Ausnahm ass et, wann et sech just ëm eng punktuell Upassung handelt. An hei gëllt och do eng vereinfacht Prozedur.

Véierten a leschte Moossnam: Mir schafe mat dësem Projet de loi eng gesetzlech Basis, dass de Stat ka mat eenzelne Gemengen oder engem Gemeengeverbund Konventionen ofschléissen, fir am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung vun där betraffener Géigend zesummenzeschaffen.

Nächst Fro: Wat sinn dann elo d'Auswierkungen vun de Plans sectoriels an engem POS op d'Eigentumsrechter? Wann e POS op der Gemeng déposéiert ass, da läit op deene betraffenen Terrainen direkt eng Servitude. Ausser Ennerhaltsaarbechten, kënnen keng Aarbechte gemaach ginn, déi géint de Plan d'occupation du sol géife verstoussen. Dës Servitude fält, wann de POS net bannent véier Joer no sengem Dépôt op der Gemeng obligatoresch erkläert gouf.

Fir déi Servitude kritt ee keng Entschiedegung. All Verkafsakt op esou engem Terrain muss de Vermierker hunn, dass en enger POS-Pozedur ënnerläit.

A schliesslech ännert de POS, wann en definitiv ass, de PAG an eventuell d'PAPen vun enger Gemeng automatesch ëm.

A wéi verhält et sech dann elo bei de Plans sectoriels? Mä hei huet d'Nohaltegkeetskommissioun laang driwwer debattéiert. Zum Schluss ass et zu folgender Léisung komm: Ee Plan sectoriel beinhalt engersäits méi allgemeng Recommendationen, an anerersäits méi prezis Virschrëften. Dat sinn déi sougenannte Prescriptiounen.

Wann et sech ëm eng Prescriptioun handelt, da mussen déi betrafte Gemengen dës Bestëmmungen an hirem PAG oder eventuelle PAPE Rechnung droen.

All Aarbechten op Terrainen, déi géint d'Prescriptiounen vun engem Plan sectoriel verstoussen, si verbueden, an zwar ab deem Moment, wou de Plan sectoriel op där betraffener Gemeng déposéiert ass. Respektéiert een dës Verbuet net, da spille Strofbestëmmungen. Och ee Buergermeeschter, dee wëssentlech Aarbechte géif autoriséieren, déi net am Aklang mat de Plans sectoriels wieren, ënnerläit hei dem Strofrecht.

Ech verheemlechen lech net, dass dës Bestëmmungen fir d'Députés-maires aus der Kommis-sioun nawell fir munche Gesprächsstoff gesuergt haten.

Bei deene méi allgemenge Recommandatiounen, do sollt d'Gemeng dës bei den Ausaarbechten oder der Revisioun vun hirem PAG, déi se all sechs Joer muss maachen, Rechnung droen. Well déi betrafte Gemeng dat... oder wëllt se dat net maachen, da muss si eng motivéiert Deliberatioun an hirem Gemengerot huelen, firwat se sech net vun där Recommandatioun wëllt leede loossen.

Wann eng Gemeng amgaangen ass mat der Revisioun vun hirem PAG, an eng Bestëmmung vun engem Plan sectoriel betrëfft en cours de route dës PAG, da brauch si net vu vir un erëm mussen unzefänken, mä si muss bannent engem Délai vun zwee Joer dësem Plan sectoriel Rechnung droen.

Wat sinn dann d'Mëttelen, d'Instrumenter, fir d'Landesplanung elo besser op dem Terrain ëmzesetzen? Dorops gëtt de Gesetzesprojet och eng Äntwert. An déi huet et nawell a sech. De Stat an d'Gemenge kréien heimat d'Méiglechkeet, fir e Virkafsrecht, jo souguer eng Enteeignung ze maache vun deenen Terrainen, déi entweder an ee Plan sectoriel falen oder vun engem POS, engem Plan d'occupation du sol, betraff sinn.

D'Virkafsrecht fonctionnéiert ähnlech wéi beim Pacte Logement. Dat heescht, den Notaire, deen een Akt mécht, muss der Gemeng oder dem Stat den Terrain zum Virkaf ubidden. D'Gemeng respektiv de Stat huet dann en Délai vu maximal zwee Méint, fir dat Virkafsrecht geltend ze maachen. Mä opgepasst: D'Virkafsrecht spillt nëmmen am Fall vun engem Plan sectoriel oder engem POS, deen d'ganz Prozedur duerchlaf huet.

D'Gemengen an de Stat kréien dann och d'Méiglechkeet, am Noutfall d'Terrainen, déi duerch e POS oder ee Plan sectoriel betraff sinn, ze enteegnen. D'Enteegnungsprozedur ass déiselwech wéi am Expropriationsgesetz vun 1979 respektiv déi aus deem Fonds-des-routes-Gesetz vun 1967.

Nei ass awer d'Wäertaschätzung vun deenen Terrainen, déi sollen enteegent ginn. Bei engem POS gëtt de Wäert geholl, wéi e geschat gëtt ee Joer virun der Décisioun, fir de Plan d'occupation du sol an d'Prozedur ze schécken. Dës Décisioun gëtt vu Gesetzeswegen an dem Mémorial publizéiert.

Bei engem Plan sectoriel ass et de Wäert vum Terrain ee Joer virun der Publikatioun am Mémorial vun der Décisioun, de Plan sectoriel un déi betraffend Gemeng ze schécken. Sënn an Zweck vun dëser Approche ass et, fir der Plusvalue, also dem Mehrwert, deen duerch de POS respektiv de Plan sectoriel entsteet, virze-gräifen. Den Terrain gëtt jo eigentlech duerch de POS respektiv de Plan sectoriel zum Spekulationsobjekt, an duerfir muss dës Spekulationswäert och neutraliséiert ginn. Dëst ass keng Lëtzeburger Erfindung, mä et ass praktesch eent zu eent d'franséisch Législatioun iwwerholl.

A wéi gëtt dann elo de Wäert genau festgeluecht? Mä et gëtt ee Verglach gemaach tëscht dem Wäert vun Terrainen, déi vun dem POS respektiv dem Plan sectoriel betraff sinn, mat Terrainen, déi just ausserhalb vun der Zon leien. Duerno gëtt dës Wäert da verglach mat dem Präis vun Terrainen, déi op anere Plaze leien, déi awer déiselwech Charakteristiken hunn. An dorops gëtt dann e Referenzwäert geholl, dee souwuel der Wäertsteigerung vum Terrain Rechnung dréit, déi no un dem Projet dru leien, mä och der genereller Präisentwécklung am Interessi vun dem Propriétaire. Déi gëtt mat abezunn.

De Wäert, deen hannen erauskënnt, ass de Präis, dee fir den Terrain bezuelt gëtt. Et ass och dee Präis, deen herno gegebenenfalls bei Geriicht als Basis zielt, wann et zu enger richteger Enteegnungsprozedur da sollt kommen.

Leschte Fro: Wéi droen dann d'Gemengen elo den neie Virgabe vun der Landesplanung Rechnung? Mä et gëtt do eng formell Hierarchie. Un der Spëtzt steet de Programme directeur vun der Landesplanung, duerno d'Plans sectoriels an eventuell POS, a schliesslech op Gemengenniveau de PAG an eventuell PAPen.